103.6 100.3 antenne rollech 1

Diddel. a schwären Z.

D'Geschicht vun der L-Jugend am 2te Weltk.

Den Iwerfall den 10. Mee 1940

An de virecht Sendungen hu mir ergielt wéi d'Diddelenger sech op den erwarten Krichsausbroch virbereed hun, awer trotz allem hun der vill emmer gehofft dass et dach net zum Krich kim.

Wéins der Krichsgefor war schon 1939 eng 'Garde Civique' op d'Been gestallt gin.

Um halver zwou Nuets vum 9.ten op den 10 te Mée gëtt hir Permanence per Telefon informéiert d d'Preisen an d'Belsch agefall wieren. E véerel op 3 kréen d'Douaniée de Commando fir d'Stohlepart an der Wormerenger Stross définitiv zou machen.

D'Arbechter vun der Fréschicht vum 10te Mee erzielen, dass deitsch Flieger bei der Cellula zu Betebuerg geland wären. Dat gëtt dann oc vum Mellechman CONRAD's Jeng bestätegt, dén all Dag Muerges fréh d'Me lech fir Diddeléng mat sengem Camion an d'Cellula siche fïrt.

Wéi e spéider an preiseschen Ënnerlagen liese konnt, war beim Iwerf vu Letzebuerg ganz genee geplangt gin, d'Héchten vum Gehansbierg, Gin bierg a Rodebierg ze besetzen. An zwar sollt d'Infanterie mat "Fiseler Storchen" do geland gin, fir d'Virstëss aus der Maginot-Linn ze bir ze kommen. Als Pist waren d'Wiesen südlech vu Betebuerg also westl vu der Cellula virgesin. Dese Punkt war taktesch gud gewielt, well m der Eisebunnsbréck bei der Cellula, kommt d'Stross vun Diddeléng aus, also och vu Frankreich, dat héscht vun Wormereng aus, fir an d'Haaptstad ~~d'Stad Le buerg~~ zekommen, ennerbrach oder bewacht gin.

Vun dénen 5 gelandeten "Fiseler Storchen" hat éen éng Brochlandung gemat a gouw vun der Besatzong a Brand gestach. E Maschinegewier gouw op den Dag vun der Cellula a Stellong bruecht an déi éischt Infanteristen hu sech riets a lënks vun der Diddelénger Strooss ges

Kurz Zeit dono si Bétebuerger Gendarmen a Polizisten opdedaucht, hu versicht ze protestéieren mä kruten einfach hir Waffen ofgehol a si nés héem gescheckt gin.

Géngt 8 Auer, kruten déi éischt gelandt Truppen Verstärkung a sin a Richtung Diddeléng virugangen. Biréng gouw besat wéi och de Roedebi Gënzebierg an de Gehansbierg an esou war éng Front vun Schëffléng a bis op de Roedebierg entstanen.

An Diddeléng selwer war et relatif roheg, obschon éng gudd zwou Dös préisesch Infanteristen lanscht d'Heisergievelen schläichen a Richt Wormeréng. Zwée Mann um Motorrad wollte sech bis bei d'lëtzebuerger Douane am Greisendal, kucke séch ëm a kommen ërëm zeréck bei d'Stad Kuerzdrop besetzen e puer Mann vun der "Gardes Mobiles" d'franzéisé Zollheissen. Eng aner préisesch Trupp as méi aktif, a besetzt de Bë wou haut de Wée erop bei Televisiounsantennen géet, léit Minnen d'Strooss an op d'Trottoiren a sperrt d'Strooss mat Ruli Drot ~~duerch Drotverhan~~ Duerno ~~Dono~~ zéen och sie séch bei Stadthaus zeréck.

Douan's Büroen

Géngt 10 Auer kennt franzéisech Kavallerie, a motoriséert d'Zaldoten ~~Poilus en~~ besëtzen ënnert de Vive-Ruffen vun de Schmelzer Leit de Quartier.

Wëll awer andauernd Flieger ze gesinn a ze héieren sin an och d'Fla aktif ass, sinn d'Diddelénger onsécher an hâlen séch haaptsächlech Ënnerdag an an de Kelleren op. Och aus der Maginot Linn eraus gëtt geschoss an et gouw déi éischt Dodeger.

De Betrieb an der Schmëlz gët ageschalt a wëll jo virausgeplangt wa dass Diddeléng évakuéiert géw ginn, kruten d'Aarbechter an och d'Bea ten nach éng Avance op hir Loun.

D'Nuecht vum 10ten ob den 11te Mee verbréngen de méscht Leit an de Kelleren. Um halwer 11 gët ët é fírchterlësche Knuppert. D'franzéis Militär hat de Sufftger Tunnel geprëngt.

Elo dénken d'Diddelénger nëmmen nach u "Fort". A wou méeglesch an d' Frankreich. Géngt 8 Auer Muergens den 11te Mée gin Minnen an der Wurmerénger Stooss ewéch geraumt an en langen onïwersichllechen Zuch vu Léit setzt sëch iwert d'Grenz a Bewegung.
Zu Fuss, mat Handwénerger, Kannerkutschen, an héi ans do och éen Auto dotëschend. Aus dem Spidol gin mat franzéiseschen Militärcamioe zirka 200 Kranker évakuéiert.
Déi méescht Diddelénger kummen an d'Emgégenden vun Charolles, Mâcon, an der Saône et Loire, Lodève a Montpellier. Et waren ongefée 9 bis 10.000 Léit.

An der Stad blouwen zirka 2.000 Onentwechter déi dunn awer, wéi d'Gr no Frankreich nés zou war, an d'Land évakuéiert gouwen, wéi ët gehésc huet : "Diddeléng géw an e Koup geschoss gin "

Déi Allerlëscht, méscht Butschebuerger, verlossen Diddeléng den 12te an 13te Mee, an Peischtdënschten ass Diddeléng éng dodësch Stad.

D'preisesch Truppen dréngen iwert de Roedebierg fir, an ëm d'Kaffer-knupp gëtt seriös gekämpft. Aus der Maginot Linn eraus gëtt geschos an iwerall an Diddeléng schloe Granaten an.

Méi wéi 100 Heiser gi ganz oder déelweis zerstéiert. Esou am Zentrum de Quartier ronderem d'Haus Hippert, dem Geschäft Majerus Feller an der Schmëlz d'Bäckerei Forty.
Iwerall an den Heiser gët geplönnert an vun de Preise geklaut. Haapt sächlech d'Gedrënks, Tubak, Zigaretten a Konserven. Diddelénger hate jo gudd ageluecht fir wann ët sollt Krich gin an elo sutze op e puer Zëmmeren weit vun dohéem ewech.

Déi éischt Evakuéiert aus dem Land konnten den 28. Juni nées zeréck. Sie hate séch awer virdrun zu Lëtzebuerg am Cercel-Gebei androe loss

Nom 1. Juli konnten och déi déi a Belgien an Frankreich évakuéiert wa direkt op Diddeléng kommen.

No an no kënnt erëm Liewen an eis Stad, an d'Bauverwaltung hëlleft d'Stroossen an d'Plazen opzeraumen. Wëll der vill ouni e Sa an der Tësch erëm koumen, ginn zwou Vollekskichen agericht. Eng am Schwëster Pensionat, déi aner am Gewerkschaftshéem.

Un der Spëtz vun der Geméngeverwaltung stinn den Här Buergermeeschte Thiel an d'Schëffen Theis a Libar.

D'Leit fänken un d'Dach notdierfteg zeflécken, d'Lëscher an de Giew len ze stoppen an opzeraumen.

Verschléfte Sachen wéi haaptsächlëch Bettgezei a.s.w. ginn an Danzäll Rossi an Tamborini bruecht wou hir Besëtzer se konnten erëm ofhuelen

2 ~~Ab~~ Ufanks August kommen och déi a Frankreich Evakuéiert erëm héem, an den 12 ten August féhlen nach zirka 2000 Awunner.
De Betrieb an der Schmëlz ass nés déelweis ugelâf, awer vill Diddelé gin nach de Baueren an de Wënzer hëllefen. Dat hat de Vierdéel ëppes méi fir ënnert Zänn mat héem zebréngen.

~~Wéi dunn~~ Vun elo un maachen d'Nazien sëch no an no mé bréed ~~gemat hun~~ esouwuel an Diddelén wéi och am Land ~~gesi mir an der nächster Sendung.~~

Schon den 30te Mee gett duerch d'"Landesverwaltungskommission" eng ganz Rei vu Wuere beschlagnahmt. Et sin dat landwirtschaftlech Produkter, Liewens a Fuddermettelen, Eisen a Stohl, Erzen a Metall, Zement, Thomasmiel, Oelech, Fett, Seef, Gummi, Stoft, Lieder, Béerefeller an Heit, Selong Alkohol a Brautwein.
No engem Beschloss vun der Verwaltungskommissioun dierfe vum 15ten Juni un Schung nemmen nach mat engem "Bezugsschein" kâft gin. Vun elo un kent dat bis dohinner vun de Lëtzebuerger net bekannte Wuert "Bezugsschein" ëmmer mé an de Gebrauch.
Well en Deel vum südlechem Terrain mat Minnen beluecht war gin, taucht d'Scheld "Vorsicht Minengefahr" op an d'Leit gi gewarnt net op hir Felder zegoen eso laang sie net vun de Minne geraumt waren.
Nodeem dann déi verschidde Südgemengen duerch d'Evakuéierung vun der Populatioun eidel ~~waren hat~~ warenhat ~~hat~~ nemmen d'Militär ~~beschlagt~~ d'Erlabnes sech do opzehalen.
Dofir huet och missen e Beschloss vun der Feldkommandatur kommen fir dass d'Awunner nés an hir Gemengen anzéen. Fir Diddeleng, Bettembuerg, Brieseng Téiteng a Remeleng kuum dës Erlabness den 30ten Juni. Vun dém Datum un konnten d'Zivilisten nés zeréck an hir Haiser déi also praktesch ronn 15 Dég am Mée an 30 Dég am Juni eidel stungen, wa se net vu Militär beluecht waren oder vun deisem geplennert waren.
Vum 2 Juli u gin och eng ganz Rei vu Liewensmettelen a fir verschidde Gebrauchsartikelen wé Seef, Raséierseef a Wäsch razionnéiert. Et gett also bestëmmt

Wivill Brut, Miel, Kaffi, Fleesch an eso weider é pro Dag a pro Kapp ze gud lëtt.

Eso z. B. 350 gr Broh pro Kapp a pro Dag.

30 gr. Miel an 30 gr. Zocker pro Kapp a pro Dag. 10 gr. Kaffi an 20 gr Kaffi-Ersatz

100 gr Fleesch pro Kapp a pro Dag an 2 E'er pro Kapp pro Woch

75 gr. Toiletteseef oder 125 gr "Kernseife" (en neit Preisesch Wuert) pro Kapp a pro Mount.

250 gr. Seefepolfer pro Kapp a pro Mount

A Raséierseef é Stéck all 2 Méint fir de Män.

An eso weider.

Et sin awer och gleichzeiteg Héchstpreisser fir déi reziounéiert Artikelen agesat gin. Eso z. B. 11 Frang fir éng Dozen E'er. 10 Fr fir e Pond Landbotter an 11 Fr fir e ~~Pa~~ Pond Molkereibotter. 8 Fr fir e Pond Rendfleesch an 12 F fir e Pond gekachten Ham.

Da kum nach ~~e ganz, déi grafende~~ den 5 juli 1940 e Beschloss ~~den 5. juli 1940~~ vun der Finanzverwaltung den Emtausch vu franséischem Geld. Déi wo jo a Frankreich geflücht waren, hun notgedrongen nés Franséisch Geld mat hém bruecht. Eso kruten der Leit bis maximal 1000 fransch Frangen géigt lëtzebuerger Geld emgetosch an zwar fir 100 Franséisch Frangen 30 lëtzebuerger. Mä et huet é missen eng Bescheinigung vu senger Gemeng hun, dass én a Frankreich évakué'ert war.

Elo si jo déi Doddelenger eso weit wé sie et wollten nés doheem a mir maachen och domadde Schluss fir des Sendung.

An enger nächster Emissioun kenne mer erzielen wé et an aner Deeler vum Land ~~den 10 Mee 1940~~ nom ~~In~~ dütschen Iwerfall den 10 Mee 1940 gegangen ass, an och wé de Krich sech weider entwéckelt huet.